N° 5298
Reçue le 25.11.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.11.2021

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/11/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

Am Budgetsgesetz 2021 gouf festgehalen, datt d'Prozedur vun der Fiche de retenue d'impôt ab 2021 digitaliséiert gëtt. D'Steierverwaltung huet an deem Kontext eng digital Plattform opgesat, déi et den Employeuren erméiglecht, Zougrëff op d'elektronesch Fiches de retenue vun hire Salariéen ze kréien. All d'Fiche de retenu d'impôt, déi normalerweis ab dem 1te Mee 2021 erstallt gouf, misst dem Employeur iwwert *Guichet.lu* zur Verfügung gestallt ginn. Mengen Informatiounen no, gëtt et allerdéngs eng Limitt wéi vill Fichen een Employeur oder seng Fiduciaire kënnen eroflueden (200 Stéck).

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Firwat gouf eng Limitt op den Accès zu de Fiche de retenue d'impôt festgeluecht?
2. Wëssend, dass et nawell eng ganz Réi vu Betriber a Fiduciaire gëtt, déi méi wéi 200 Employéeë, respektiv Clienten hunn, wäert dës Limitt ofgeschaft ginn? Wa jo, wéini wäert dëst geschéien?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député